Auslänner- / Awunnerwahlrecht : Fir den Dialog

Et gouf an de leschte Wochen immens vill iwwert d'Thema Auslänner- / Awunnerwahlrecht diskutéiert an et gouf vill Versammlunge mat de Bierger. Mä d'Politiker missten och lauschteren a weisen, datt Message vun de Leit bäi hinnen ukomm sinn, an konkret Äntwerten op d'Froe vun de Leit ginn an Engagementer agoen.

Schlecht Beispill, net ze imitéieren : de Lëtzebuerger Referendum iwwert d'europäesch Verfassung :
Do goufen et virum Referendum vague Aussoen, datt een an Zukunft méi giff mat de Leit iwwert Europa schwätzen. Herno huet kee méi dovu geschwat…

Gutt Beispill : de rezente Referendum iwwert d'schottesch Onofhängegkeet : Do hunn déi grouss britesch Parteien (déi fir de Nee waren) op d'Leit gelauschtert, sinn op se duer gaang an hunn Engagementer geholl, fir d'éischt déi eenzel Parteie fir sech, an um Enn hunn d'Presidente vun den 3 wichtegste Parteien zesummen en Text mat Engagementer (a Punkto méi Autonomie) ënnerschriwwen. D'Parteien hu gewisen datt en zu senger Positioun ka stoen ann awer de Leit entgéint komme kann.

Momentan gesäit et zu Lëtzebuerg ganz anescht aus.
Eenzel Leit wëlle léiwer quasi de Monopol fir d'Demokratie an d'rational Argumenter fir sech beusprochen an deenen aneren irrationnal Ängscht a bornéiert Konzeptiounen reprochéiere wéi wierklech den Dialog sichen. Sou eppes erliichtert Diskussioune wierklech net.

Zum Beispill en Thema wat ënnert anerem an den Informatiounsreuniounen opkënnt, ass dat vu méigleche Verännerunge vun de Konditiounen nom Referendum. Dorop ugeschwat probéieren d'Verfechter vum Awunnerwahlrecht heiansdo auszewäichen oder schwätzen iwwert Ängscht.
Dobäi ass dat awer eng legitim Fro : Wann een e consultative Referendum mécht a seet et giff een d'Resultat respektéieren, wat heescht dat iwwerhaapt konkret ? Kann een dann d'Konditiounen nom Referendum änneren ? No 2, 5, 10 oder 20 Joer ? Eesäiteg vum Parlament decidéiert oder no engem neie Referendum ?
Firwat net ganz einfach mat de Leit zesummen doriwwer diskutéieren, an um Enn (virum Referendum) giffen d'Parteien eng kloer a verständlech Positioun unhuelen. Da giffen d'Leit den Dag vum Referendum wësse wou se dru sinn.

Par konter, wann een dat net mécht, da muss een sech net wonnere wann d'Leit deene gleewen, déi kloer Äntwerte ginn a carrément behaapten, d'Parteie giffen nëmmen op e Jo waarden an dann d'Konditioune changéieren.

Mä och wann et däitlech Äntwerte ginn, kann een déi net ëmmer ganz eescht huelen.
Komesch ass sou zum Beispill dëst hei: An enger Informatiounsversammlung iwwert d'Auslännerwahlrecht, op d'Interventioun vun enger Persoun aus dem Public déi seet, datt d'Auslänner an Zukunft an zwee Länner bäi Nationalwahle wielen däerfen, heescht et, datt dat net geet, mat Verweis op de System den et scho bäi Europawahle gëtt (eng Deklaratioun déi d'Leit ënnerschreiwe musse wou se soen datt se net am anere Land wielen). Kuerz drop seet en Deputéierten op enger Konferenz just de Contraire, datt se an 2 Länner wielen däerfen, well et sech bäi 2 Nationalwahlen am Géigesaz zu den Europawahlen (erëm de Verweis op d'Europawahlen) em 2 verschidde Wahlen handelt.

Dat wierkt net ganz serieux, wann et fir sou eng banal Fro, déi sech en plus scho bäi anere Wahle virdru gestallt huet, mol keng Kloerheet gëtt.
An et freet en sech, wat een iwwerhaapt nach gleewe kann.

Dat Thema wat d'Leit awer ganz vill, wann net am meeschten, beschäftegt ass awer d'sproochlech Situatioun zu Lëtzebuerg, an der Politik mä och am Alldag.

Als Reaktioun gëtt da gesot, d'Méisproochegkeet gehéiert zu eiser Identitéit, et giff an der Referendumsfro net ëm Sprooch goen, et gi sou vill Leit déi lëtzebuergesch schwätze wéi nach ni, oder et gëtt eppes iwwert Ängscht geschwat. Un all deenen Aussoen ass eppes woueres drun, mä et sinn net wierklech Äntwerten op d'Froe vun de Leit.

Wann et sou eng komplett onbegrënnt Angscht ass, datt franséisch an der Chamber geschwat gëtt, firwat sech net einfach engagéieren, an d'Konstitutioun ze schreiwen datt an der Chamber lëtzebuergesch geschwat gëtt (mat kloren Ausnahme wéi z. B. zitéieren aus engem Text, Interventioun vun externe Perséinlechkeeten) ?

Et kéint een och ferm Aussoen dozou ginn, datt Informatiounsreunioune vu Verwaltungen oder Wahlveranstaltunge vu Parteien och an Zukunft op lëtzebuergesch oflafen. Fir Leit, déi kee lëtzebuergesch verstinn, kéint e jo nach méi op d'Simultaniwwersetzung zréckgräifen. Fir d'Parteie kéint een an der Wahlkampffinanzéierung en Extraposte fir d'Simultaniwwersetzung virgesinn, dat giff bestëmmt net esou vill kaschten.

A wann d'Problemer vun de Leit ugeschwat ginn, déi Schwieregkeete mam Franséischen hunn, kéint een dach kucken a Garantie ginn, datt se net musse fäerten, an Zukunft op der Gemeng oder am Telefonsgespréich mat der Steierverwaltung déi selwecht Problemer ze hunn, déi se haut schonn am Commerce oder am Spidol hunn.

Och ass et net glécklech wann een d'Lëtzebuerger Sprooch an d'Méisproochegkeet géintenee stellt. Da kann e jo scho bal d'Gefill kréien, et misst een tëschent senger Mammesprooch an der Méisproochegkeet wielen. Aner kleng Länner a kleng sproochlech Communautéiten (wéi z.B d'Malteser) weisen iwwregens zanter laangem datt een seng Mammesprooch méi an Éiere kann halen wéi dat mam Lëtzebuergesche geschitt an trotzdem op sinn fir déi aner Sprooche mat deenen een historesch, kulturell oder geographesch verbonnen ass.

Et ass och séier gesot, et giff hei net em d'Sprooch goen.
Bäi engem héige Solde migratoire a méi net lëtzebuergeschsproochege Leit déi an Zukunft matwiele ginn, ass et awer legitim datt een sech Froen iwwert d'sproochlech Situatioun zu Lëtzebuerg stellt. Déi zwou Saachen hänken op mannst e bësschen zesummen.

Fir op d'Beispill vum Schottland-Referendum zeréckzekommen, do huet och net geheescht « Hei geet et em d'Onofhängegkeet vu Schottland / d'Unitéit vun Groussbritannien an net em de Finanzement vun der Sécurité sociale », mä am Géigendeel, d'Schotte krute méi Autonomie am Beräich vum Finanzement vun der Sécurité sociale zougesot.

Wann een awer mengt, Froen iwwert d'Sprooch hätten näischt an der Diskussioun em d'Wahlrecht ze sichen, da misst een awer och en anere Kader proposéiere fir doriwwer ze schwätzen. Wéivill Réunioune mat Bierger gouf et je zu dem Thema, dat jo awer d'Leit sou vill beschäftegt ? Da kann e jo lo déi Méiglechkeeten offréieren (och wann dat eréischt nom Referendum ka konkret ëmgesat ginn). Firwat net Méiglechkeete bidden wou d'Leit hir Problemer mat der Sproochesituatioun matdeele kënnen a Propositioune fir d'Fördere vun der Lëtzebuerger Sprooch matdeele kënnen, zum Beispill iwwert en Internetsite, oder/an en consultatiivt Organ vu Bierger (wéi et e Comité des usagers am ëffentlechen Transport gëtt). Dat gëtt natierlech nëmmen e Sënn wann et och wann et Engagementer ginn, d'Propositioune serieux ze ënnersichen, well dacks gëtt, wann et em Lëtzebuerger Sprooch geet, direkt gejaut « dat geet dach guer net » ouni datt e mol iwwerhaapt sech serieux domat beschäftegt huet (z. B Alphabetisatioun op lëtzebuergesch, lëtzebuergesch bäi den EU-Institutiounen).

Wéi vill Politiker hunn iwwerhaapt bis elo eng Kéier Leit, déi nach net decidéiert sinn oder tëschent dem Jo an dem Nee schwanken, gefrot, firwat se zécken?

Et gëtt momentan ganz vill vun Demokratie geschwat, mä ass dat eng gutt Lektioun vun Demokratie, wann etlech Politiker (egal ob pro-Jo oder pro-Nee) op Versammlunge léiwer ëmmer erëm déi selwecht Argumenter opsoen (déi déi meescht Leit souwisou schonn op der Televisioun an an anere Medien héieren hunn) wéi wierklech op d'Aussoe vu Leit agoen, wann se léiwer iwwert d'Ängscht vun de Leit schwätze wéi mat de Leit schwätzen ?

Et wier gutt, wann d'Parteien op d'Leit giffe lauschteren, hinnen entgéintkommen a kloer Aussoen, ënnert anerem a Punkto Sproochen, maachen (am beschten an engem Dokument wat d'Parteipresidenten ënnerschreiwen, sou wéi am Schottland-Referendum).

Leider hunn d'Diskussioune mat de Leit (aus onbekannte Grënn) eréischt nom Stëmme vum Referendumsgesetz a sou kuerz virum Referendum selwer ugefaang, wat dat alles schwéier mécht.

Mä et ass nach net ze spéit bis den Dag vum Referendum.

Mat engem konstruktiven demokrateschen Dialog kënnt e vill méi wäit wéi mat eesäitege Beléierungen!